Folkordanz zu Lëtzebuerg

Uucht - La Veillée Lëtzebuerg
Ferd Dumont
Germaine Michels

De Gesellschaftsdanz fir jonk an al, gëtt haut gewéinlech zesummen op der Danzpist als Partnerdanz oder méi individual, eleng fir séch opgefeiert, dat op Musék déi elo just aktuell ass. Dat gesäit no Allem, wéi net no Militärparad aus. Hei ass grouss Diziplin net gefuerdert, well jiddfereen hei no sénger Fassong séileg gëtt.

De Volléksdanz duerch ee Folklorgrupp opgefeiert, weist eis en aneren Aspekt vum gesellschaftlechen Zesummefeieren. Op aal Populärmelodien a Lidder ginn hei traditionell Figurendänz mat hire feste Regele gewisen, déi mat faarwegen Truechte spektakulär bei de Spektateuren gefälleg ukomme sollen. Mir danzen net eleng fir eis, mee fir ee Publikum, dat engem monteren, gudd astodéierten a koordinéierten Danzensembel mat Genoss no kuckt.

D'Germaine, eng fervent Dänzerin, erënnert an séngem Gedicht un all déi Méi a Gedold, déi eis Danzmeeschter/innen opbréngen, fir eis op gläichen Tratt an Trapp ze kréien. Déi net an der Haaptversammlung vun der Uucht-La Veillée an der Pafendaller Jugendherberg dobäi waren, hate wierklech dat Bescht verpasst !

Dat ass Folklor !

Folklor, 60 Joer :
dat ass kloer,
eng laang Zäit,
e gutt Zeeche fir ons Bräich.

Et ass eng laang Geschicht,
dat géing e laange Bericht.
Mir wëssen net alles, sinn duerfir ze jonk
a Facebook war nach net erfonnt.

Ouni vill ze soen, säit Joeren
d'Liewe vu fréier an d'Dänz virzedroen,
am Gezei aus där Zäit, mat aler Musek dobäi,
setze mir d'Zuschauer an eng aner Zäit.

De Sonndesdanz, d'Maklott, am Schmass,
Dänz vum Land, an och vum Schlass.
D'Nei Maklott, an d'Sabotière;
mir danzen se alleguerte gäer.

An da méie mir wéi fréier,
an dat geet ganz séier.
Mir sprangen an dréien a knéien,
esou dass ons Juppe fléien.

Op véier zielen, da véier Schrëtt;
da lues an de Walzerschrëtt.
Meedercher, loosst iech féieren,
dir wäert et jo eng Kéier léieren !

'T ass net fir Egalwat ze trëppelen, haalt är Mëtt,
Si musse sëtzen, all déi Schrëtt !
Een, zwee, dräi, véier,
fënnef, sechs, siwen, aacht :
net fäerdeg bréngen ?, dat wäer gelaacht !

Dat Kussen, dat geet jo nach,
mee dat Knéien, ech si wéi gebrach.
An dann dat Dréien, O neen !
Ech ginn dronken, mir wackelen d'Been.

Dann de Kapp dréien;
Aua !, hunn am Genéck en Zéien.
Streckt den Aarm,
kuckt iech an d'Aan !

D'Hänn un der Jupe, dann an der Säit,
sidd mat der Séil dobäi !
Eleganz, e frëndlecht Gesiicht,
haalt äer Mëtt, an d'Reihe riicht !

O, Eugène;
wéi mir dech beneiden.
Hues du näischt wéi,
hues du kee Leiden ?
Du bass ëmmer adrett,
verrot eis däi Rezept.

Egal wéi, et mécht Spaass,
ëmmer dobäi, mir gi Gas.
Mir si keng Spezialisten,
mee duerfir Idealisten.
Mir halen héich ons Traditioun
a sinn, wéi d'Klarinett,
och ëmmer prett !

Lët'z folk !

D'UGDA-Auszeechnunge goufe vum Generalsekretär Jeannot Clement iwwerreecht un d'Emilie an d'Louise Berg (Insigne), Chris Birch a Maggi Dumont (Médaille de mérite en bronze), Marianne Schumacher (Médaille de mérite en argent), Amanda Wiesen (Insigne) an un Ewald Juchems (Médaille de mérite en vermeil avec palmettes) fir 70 Joer Folkloraktivitéit.